ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Abrëll 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminister weiderzeleeden.

Ech wollt dem Här Immigratiounsminister dës Froen iwwert d'Flüchtlingssituatioun stellen:

1. Wéi vill Leit liewen an de Strukture fir Migranten, déi schonn de Statutt kritt hunn?
2. Hëlleft de Staat deene Leit bei der Sich no enger Wunneng a, wa jo, op wéi eng Manéier?
3. Wéi vill vun deene Leit kréien de Revis, respektiv wéi vill vun deene Leit hunn eng Aarbecht fonnt? Hëlleft de Staat deene Leit bei der Sich no enger Aarbecht, a, wa jo, op wéi eng Manéier?
4. Bezuelen déi Leit, déi an de Strukture liewen an en Akommes hunn, e Loyer ? Wa jo, wéi gëtt dee berechent ?
5. Wat geschitt mat deene Leit, déi hire Loyer net bezuelen? Wéi vill Leit sinn dat? Wéi wëll den Här Minister dëse Problem léisen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique